Hesper Jugendgemengerot

# Rapport vun der Versammlung den 04/01/2014 um 10:00 Auer

Präsenzen : Stefano, Claude, Laura, Pit

Entschëllegt : Denis, Yves

Themen déi beschwat gi sinn:

- **Maart**
- **Chrëschtmaart**
- **Logo**
- **Grillplaz**

## Maart

De Jugendgemengerot gëtt encouragéiert dem Gemengerot en Dokument ze schreiwe mat all den Informatiounen iwwert de Maart. D'Dokument sollt am beschten ponktuell sinn an all neideg Infoen virweisen: wou de Maart stattfanne soll, wéi een Typ vu Maart et ass (Frëschmaart, etc.), op wéi engem Dag e soll stattfannen, wat um Maart verkaf gëtt, wéi e Stand soll ausgesinn (Plaz déi ee fir e Stand brauch, Stroum, Waasser, Standgeld), wat een alles um Maart wäert brauchen. Wat och nach am Dokument kéint mat abegraff ginn si Beispiller vu Reaktioune vu Leit déi de JGR ugeschwat huet a gefrot huet op si gäre matmaache wéilten. Wichteg ass och nach am Dokument ofzeklären wat dem JGR seng Roll ass a wéini d'Gemeng iwwerhuele soll. De Pit proposéiert d'Dokument ze schreiwen an den anere Memberen et zouzeschécken fir e Feedback an eng Confirmatioun vun hinnen ze kréien. De JGR kéint och beim Maart dobäi sinn an en Acte de Présence maachen an esou déi Jugendlech déi um Maart sinn uschwätzen.

Punkto Veräinsaktivitéiten déi um Maart kéinte proposéiert ginn, hat de Pit sech proposéiert fir fir d'éischt mat der Gemeng driwwer ze schwätzen ier d'Veräiner drop ugeschwat ginn. Wann dann d'Iddi vun der Gemeng ënnerstëtzt gëtt, kann de JGR entscheeden wéi oft a wéini Veräiner um Maart kënne matmaachen. Eng Iddi wier dass ee Veräin pro Maart kënnt, sou dass all Veräin d'Méiglechkeet huet dobäi ze sinn. Et gëtt ausserdeem preziséiert dass Veräiner ze rekrutéieren Zäit an Aarbecht benéidegt. D'Membere ginn dofier encouragéiert Bescheed ze soen wann et sollt zevill sinn an no Hëllef an Ënnerstëtzung bei der Gemeng, beim Gary oder och beim Jugendtreff ze froen.

De Stefano iwwerhëlt dem Laura seng Tâche a kontaktéiert de Feyder vu Fenteng.

Nächst Versammlung ass de 25. Januar 2014, um 10 Auer bei der Grillplaz. Duerno geet et weider am Jugendtreff.

## Chrëschtmaart

D'Recette vum Chrëschtmaart musse mat de Veräiner gedeelt ginn déi do matgemaach hunn. De Romain muss mam Paul kucke wéi de JGR rembourséiert ka ginn.

D'Carole hat och nach dem JGR um Chrëschtmaart gehollef, e Merci wier do ubruecht.

De Romain kuckt nach eng Kéier mam Marc Lies wéi de Budget vum JGR soll abezuelt ginn. Dofir muss decidéiert ginn op de JGR e Bankkonto soll hunn oder éischter e Kont beim Jugendtreff, wou se dann en direkten a méi schnellen Zougang hunn zu den néidege Suen. Déi Sue bleiwen dann am Jugendtreff, deen dem JGR d' Suen op Nofro da gëtt.

De JGR muss just nach decidéieren wien alles kann Zougang op d'Suen hun. De Stefano proposéiert Tresorier ze sinn an huet dann als eenzegen Zougang op d'Suen. Eng Decisioun ass awer nach net gefall, d'Membere wëllen dat op der nächster Versammlung beschwätzen an dann eréischt entscheeden.

## Logo

Punkto Logo si sech all Memberen eeneg dass de Logo dee vum Christian proposéiert ginn ass, bäibehal gëtt.

De Romain proposéiert Kontakt mam Christian opzehuelen an dass de JGR mam Christian sech dann en Owend zesummesëtzt an zesumme Logo, T-shirten, Jacketten, Faarf vun de Jacketten/T-shirten a Logo organiséiert.

Am beschte wier et wann d'Membere vum JGR en T-shirt mam JGR Logo fir de Summer an eng Jackette fir de Wanter kéinten hunn. Et géing och mam Budget goe wann een 1 T-Shirt an eng Jackette pro Member, plus nach e puer méi am Fall wou nei Membere bäikommen, géing bestellen. Wie këmmert sech drëm Kontakt opzehuele mat der Entreprise déi di T-shirten/Jackette print ? De Claude proposéiert mam Romain ze kucken wéi a wou een déi T-shirten kritt a géing dann dohinner goe fir d'Gréissten ze kucken. Soss kënnen d'Memberen och nach entscheeden op se Bio oder Fairtrade T-shirten wëllen hunn. Et misst da gekuckt ginn ob et eppes um Präis ausmécht wann een Fairtrade T-shirten hëlt. Aner Produkter déi soss nach kënnen als Promotioun genotzt gi si Beachflags an Calicoten. De JGR decidéiert sech fir de Calicot, deen eng Gréisst vun ongeféier 2 m op 60 cm huet an iwwert Dëscher ka gehaange ginn.

Soss kritt de JGR och nach proposéiert sech méi bei der Jugendkommissioun z'engagéieren.

## Grillplaz

Zwou méiglech Plaze fir de Grill si fonnt ginn. D'Gemeng bräicht e Plang wou déi Plazen ugekräizt ginn fir kloerzestellen wou se genau sinn.

## Aktiounsplang

Fir eis Iddien ëmzesetzen hu mir decidéiert dass folgend Leit folgend Aufgaben bis déi jeeweileg Deadline maachen :

| Wat | Wien | Wéini | Bemierkungen |
|---|---|---|---|
| Dokument mat Infoen iwwert de Maart schreiwen | Pit | Bis d'Woch vum 6.-12. Januar | |
| D'Dokument iwwert de Maart liesen an dem Pit e Feedback ginn | Claude, Stefano, Laura, Yves an Denis | Virun der nächster Versammlung | |
| Sech bei de Grillplazen treffen | Jiddereen | 25. Januar 2014, 10 Auer | |